



zu Lëtzebuerg, wat awer, mengen ech, nach e ganz, ganz wichtege Pilier ass an der Diversification économique.

Dofir hei meng zwou Froen un de Wirtschaftsminister: Wéi war d'Informationspolitik vu Guardian vis-à-vis vum Wirtschaftsministère, vis-à-vis vum Minister? War hiert Virhabe wirklech eng Politique du fait accompli? A wéi eng Moyenen, wéi eng Marge wëllt d'Regierung sech ginn, fir de Site zu Diddeleng ofzesécheren, an esou déi 200 Aarbechtsplazen, déi hei awer kloer a Gefor sinn, probéieren ze erhalen an ofzesécheren?

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Biancalana. D'Wuert huet den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.** - Merci, Här President. Dem Dan Biancalana an dem Mars Di Bartolomeo merci fir déi Question urgente, déi se haut stellen en rapport mat Guardian, wat mer och erlaabt effektiv, op deem Dossier do anzegoen.

Et ass effektiv gesot ginn an et ass gewosst, dass de Flaachglasproduzent Guardian säit den 80er Joren hei bei eis zu Land present ass. Guardian ass eng vu ville groussen amerikaneschen Entrepreneuren, déi sech effektiv an de 70er an an den 80er Joren hei zu Land installéiert hunn. Et ass och ee vun deenen Industriebetriber, déi mer effektiv am Wirtschaftsministère elo säit e puer Joer oder säit enger ganz längerer Zäit scho besonnesch an intensiv suivéieren an och accompagnéieren.

Virgëschter Owend souzen d'Dirigeantë vum Group Guardian, notament den General Manager fir Europa, bei mir am Büro am Ministère, fir iwwert d'Zukunft vum Betrib zu Lëtzebuerg ze schwätzen. Si hunn eis an där Reunioun iwwer hir Decisioun informéiert, fir den Uewen um Site zu Diddeleng effektiv erozfefueren. Dat heescht, datt Guardian mat der Produktioun vu Glas zu Diddeleng effektiv wäert ophalen.

Dat ass och déi direkt Konsequenz, dass am ganze Grupp Guardian weltwäit d'Investissementen an Héicht vu ronn 130 Milliounen Dollar an d'Moderniséierung an an de Renforcement vun esou Installatiounen zrëckgestallt goufen, net nëmmen zu Lëtzebuerg, och op villen anere Sitten.

Mam Cooldown vum Uewe ginn awer net all d'Aktivitéiten zu Diddeleng gestoppt. Et ass effektiv nach e Laminor do, dee bestoe bleift an deen och nach wäert weider lafen. Trotzdeem: Effektiv wäerten hei eng ganz Rei Aarbechtsplazen ofgebaut ginn. An dat ass natierlech kee flotte Moment an der Geschicht vun der Lëtzebuerger Industrie.

D'Gewerkschafte si gëschter Moien doriwwer vun der Direktioun vu Guardian informéiert ginn. Guardian huet eis verséichert, dass den Öfbau vun dese Plazen natierlech an Ofsprooch mat der Delegatioun wäert geschéien an natierlech och e Sozialplang wäert ausgeschafft ginn, zesumme mat der Delegatioun vun Personal.

Mir probéieren op eiser Säit, zesumme mam Aarbechtsminister, zesumme mat der ADEM, datt déi Leit, déi hir Schaff verléieren, an engem anere Betrib ënnerdaach kommen oder dass soss aner sozial Mesurë kënnen spillen, wéi natierlech d'Prétraite.

Am Wirtschaftsministère wësse mer, an den Dan Biancalana huet et och nach eng Kéier gesot, dass den Uewen zu Diddeleng en fin de vie war, dass en e gewëssenen Alter huet an onbedéngt hätt missen erneiert ginn. Dofir hat mäi Virgänger och am Mee 2018 eng Rees an d'USA gemaach, fir mat de Propriétaire vu Guardian och doriwwer ze diskutéieren an ze verhandelen.

Ech selwer hat den 23. Abrëll, matzen am Lockdown, e Gespréich mat de Responsabele vu Guardian doriwwer. Deemools war déi Decisioun nach net gefall. Guardian mengt, dass sech am Kontext vun der Coronakris bis 2023 d'Demande fir industriell Glasproduktioun net erhuele wäert. Dat ass eng Konsequenz vun engem schwächerenden Automobilsecteur, awer och an der Konstruktioun wäert et europawäit op deene Marchéen, wou Guardian Lëtzebuerg tätég ass, manner schnell dréien. Et kann een also soen, dass dat heiten eng éischt industriell Victime vun der Coronakris ass.

D'Beispill Guardian weist awer och, wéi wichteg et ass, datt an der Industrie permanent investéiert gëtt, fir ëmmer um leschte Stand vun

der Technologie ze sinn a fir op déi Manéier esou ressourcëschounend wéi méiglech ze produzéieren, awer och fir esou par rapport zu der Konkurrenz kompetitiv ze bleiwen.

An ech wëll et nach eng Kéier soen: Dat ass de Grond, firwat mer dat Aideninstrument op den Instanzewee geschéckt hunn, fir d'Hëllef sub-stanziell an d'Luucht ze setzen, fir d'Betriber derzou ze incitéieren, fir an d'Digitalisatioun ze investéieren, fir an ëmweltfrëndlech Technologien ze investéieren, fir sech fit ze maache fir d'Zukunft an och fir a Richtung Kreeslafwirtschaft ze goen, a fir se justement ze incitéieren, hir Investissementen, déi geplangt waren, och wirklech ze maachen, fir déi duerchzezéien an net fir se ze suspendéieren.

Gardian ass awer och e Beispill, wat weist, dass engem Standuert wéi Lëtzebuerg haut näischt méi geschenkt gëtt, dass mer natierlech an engem internationale Marché sinn, dass mer et hei och et mat engem internationale Grupp ze dinn hunn, deen eng Partie Produktiounsstäiten an Europa huet an deen hei natierlech Decisiounen hält, déi och op Rentabilitéit baséiert sinn.

Mir kënnen op där anerer Säit awer, an dat ass vläicht eng positiv Nott an där Diskussion, hlofreg sinn, dass vill vun deenen Industriebetriber, déi an de 60er a 70er Joren an och duerno nach op Lëtzebuerg koumen, an der Lescht hir Aktivitéiten ausgebaut hunn, wéi zum Beispill DuPont zu Contern, déi an eng nei Produktiounslinn vun Tyvek investéiert hunn.

Aner Betriber hunn hir Sitte massiv moderniséiert. Ech denken elo zum Beispill u Goodyear zu Diddeleng, déi déi modernste Pneuefabrik an Europa gebaut hunn, oder Husky, där hire Projet „Factory of the Future“ a Saachen Digitaliséierung richtungsweisend ass.

A mir wäerten eis mat aller Energie och derfir asetzen, dass och Guardian a Zukunft weider an de Lëtzebuerger Site investéiert, dass se an en héich modernen, energieeffizienten Uewen investéiert, wann de Moment komm ass. Dofir wäerte mer weider a Gespréicher bleiwen a mir wäerte wirklech kucken, dass Guardian op dee Wee geet.

Béid Beispiller, déi ech virdru genannt hunn - Goodyear, awer och Husky wéi och DuPont -, weisen awer trotzdeem och a mengen Aen, dass d'Industrie zu Lëtzebuerg e Secteur ass, dee weiderhi vill Potenzial huet, grad wann d'Betriber op d'Technologë vun der Industrie 4.0 setzen.

An am Resümmee kann een, mengen ech, soen, och wann haut natierlech déi Decisioun vu Guardian absolut ze bedauern ass, datt haut den Industriestanduert Lëtzebuerg net a Fro gestallt ass. Am Géigendeel. Dat weist a mengen Aen déi nohalteg Entwécklung an d'Digitaliséierung vum Secteur aus deene leschte Joren.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Fayot.

5. 7585 - Projet de loi portant introduction de certaines mesures temporaires relatives à l'application de la loi modifiée du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7585 iwwert d'Afëierung vu verschiddene Moosnamen am Kader vun fréier Verkeier vun de Leit a vun de Migranten. An ech ginn d'Wuert direkt un de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Yves Cruchten.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.** - Villmools merci, Här President. Jo, Dir Dammen an Hären, d'Covid-19-Kris huet jo villes op d'Kopp geheit. Virun allem déi méi jonk Leit, déi eigentlech keng Grenze bannent Europa méi kann hunn, stoungen op eemol virun enger Barriär oder goufe vun der Police ugehalen, wa se bis bei eis Nopere goe wollten. Ech mengen, dat war eppes, wat sech der vill net konnte virstellen, och eigentlech déi méi Eeler ënner eis net.

Doriwwer eraus hat d'EU-Kommissioun de Memberstaaten un d'Häerz geluecht, d'EU-Baussegrenze fir d'Leit aus Drëttstaaten zouzemaachen. Alles dat hat eng Rëtsch Konsequenzen. Och fir den Immigrationssystem hu sech op eemol e puer Froe gestallt, wa Leit net méi ausreese konnten oder net konnten zrëckgefuert ginn.

Den Ausseministère selwer konnt och net méi op all d'Demanden, wéi zum Beispill d'Titre-de-séjour, reagéieren. An duerfir goufen am

Règlement grand-ducal vum 18. März eng Rëtsch Moosname geholl, fir d'Delaie vu verschiddene Prozeduren ze verlängeren an déi Leit, déi an esou enger Situatioun sinn, ze schützen.

De Projet, dee mer elo virun eis leien hunn, verlängert eeben dës Moosnam iwwert d'Enn vum État de crise eraus a gëtt hinnen domadder eng gesetzlech Basis, sou wéi mer dat där Deeg méi dacks musse maachen. Heibäi gëtt temporaire vu verschiddenen Dispositiounen aus dem Immigrationgesetz vum 2008 derogéiert.

Fir Leit aus Drëttstaaten, déi zanter dem 1. Januar 2020 op Lëtzebuerg komm sinn, gëtt den Delai fir d'Ausstelle vun hirem Titre de séjour op sechs Méint verlängert. D'Validitéit vun den Titres de séjour selwer, déi ofgelaf sinn, gëtt bis den 31. August 2020 verlängert. An den Openthalt vu Leit aus Drëttstaaten, deenen hire Visa ofgelaf ass oder deenen hiren Openthalt déi berüümt 90 Deeg iwwerschratt huet, gëtt bis den 31. Juli 2020 als regulär unerkannt.

D'Mënschrechtskommissioun hat sech an hirem Avis gefrot, ob déi verschidden Delaie laang genuch wieren. Hei huet an der Kommission den Ausseministère preziséiert, datt dës Delaie opgrond vun enger Analys engersäits vun der Situatioun an anerersäits vun de Capacitéite vum Ministère festgeluecht goufen. Falls et sech awer als onméiglech erausstelle sollt ze reesen, well sech d'Situatioun zum Beispill erëm verschlechtert hätt, kéint een awer reagéieren an zum Beispill e Visa Typ D ausstellen.

Wichtig ass a mengen Aen, dass mer hei eng mënschlech Approche behalen a verhënnern, dass Leit géifen an e rechtliche Vakuum falen.

Mir ginn der Mënschrechtskommissioun och Recht, dass déi concernéiert Persounen kloer iwwert dës Delaie an iwwert d'Demarchen insgesamt informéiert musse ginn.

Zweetens schafft dëst Gesetz och de Kader, fir d'Recommandatioun behalen a verhënnern, d'EU-Baussegrenze bei net essenziellen Displacementen fir Leit aus Drëttstaaten zouzemaachen. Et ginn allerdéngs Ausnahmen, wou dës Restriktiounen dann net spillen.

De 16. März huet d'EU-Kommissioun eng Recommendation erausginn, wou se proposéiert, dass d'Staats- a Regierungschefen eng koordinéiert Decisioun sollen huelen, fir déi net essenziell Displacementen aus Drëttlänner an d'EU temporaire anzeschränken. Zu Lëtzebuerg goufen dës Moosnamen am Artikel 14 vum Règlement grand-ducal vum 18. März festgehalen.

De Projet de loi vun haut gëtt där Moosnam déi gesetzlech Basis, fir se och nom Enn vum État de crise oprechtzeerhalen. Fir dass et awer genuch Flexibilitéit gëtt, fir op kuerzfristeg Annerunge vun der Situatioun respektiv fir op d'Recommandatiounen vun der Kommission reagéieren ze kënnen, ginn d'Dauer, de Geltungsberäich an d'Modalitéite via Règlement grand-ducal festgeluecht. An effektiv huet d'EU-Kommissioun net méi spéit wéi den 11. Juni eng Kommunikatioun mat neie Recommendationen publizéiert, also dee selwechten Dag, wéi ech der aussepolitescher Kommission och mäi Rapport zougestallt hat. An ech mengen, dat weist nach eng Kéier, wéi komplizéiert déi ganz Covidkris an der Politik mécht.

Well dat, wat gëschter vläicht nach richtig war, ass deemno wéi haut net méi esou. An ech mengen, do kënnen mer allegueren heibannen an och an der Regierung e Liddchen dovunner sangen.

An d'EU-Kommissioun encouragéiert d'Memberstaaten elo, d'Bannengrenze bis de 15. Juni erëm komplett opzemaachen an d'Restriktiounen op de Baussegrenze bis den 30. Juni ze verlängeren. Vum 1. Juli u sollen dann déi Restriktiounen fir verschidden Drëttlänner graduell opgehewe ginn. Ech ginn elo net weider op d'Detailer vun där Recommendation an, mee wollt awer drop hiweisen, dass d'EU-Kommissioun Flexibilitéit als ee vun de Prinzippeie vun deem Prozess gesäit. Dat heescht also, dass e konstante Monitoring gemaach gëtt an, wann d'Situatioun sech erëm verschlechtert géif, Restriktiounen erëm kënnen an d'Liewe geruff ginn.

Duerch dëst Gesetz an d'Approche, fir d'Detailer via Règlement grand-ducal festzeleeën, gi mer eis eeben d'Méiglechkeet, fir flexibel op eventuell nei Recommendationen vun der EU-Kommissioun ze reagéieren. Fir dass dat awer net bis an d'Onendlechkeet erarecht, gëllen d'Dispositiounen vun deem Gesetz just bis den 31. Dezember vun deem Joer.

E puer Wuert nach zu eisen Aarbechten an der Kommission. Dat goung alles relativ séier an ech soen de Kollegen aus der Kommission och Merci derfir. De Projet gouf den 19. Mee vun eise Ausseminister deposéiert. Mir hu

souwuel den Avis vum Staatsrot wéi och dee vun der Mënschrechtskommission geprüft. Dem Staatsrot senge Remarken hu mer Rechnung gedroen an de Rapport gouf den 12. Juni vun der Kommission ugehall.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Cruchten. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Paul Galles agedroen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Paul Galles (CSV).** - Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur, dem Yves Cruchten, villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport an och als President vun der Kommission fir déi gutt Zesummenaarbecht während där Zäit. Well et ass wouer, mir hu relativ séier misse schaffen, hunn och ganz vill Froe gehat. An dat ass alles ganz, ganz gutt verlaf.

Als CSV ënnerstëtzt mer dese Projet de loi, well en ass engersäits do, fir all deene Mënschen ze hëllefen, déi aus iergendenger Situatioun an ouni Eegeverschëlden an eng illegal Situatioun hätte kënnen erarutschen, an anerersäits ass en awer och do, fir dem Ministère elo déi néideg Zäit ze ginn, fir kënnen déi Dossieren opzeschaffen, déi wéinst der Covidkris leie bliwwen sinn.

Et geet also ëm Rechter vun de Leit. A wann et ëm Rechter vun de Leit geet, besonnesch där, déi a besonnesche Situatiounen sinn, an ëm e Modus Vivendi während där Krisenzäit, dann ass et kloer, dass mir als CSV do dohannerstinn an dee Projet de loi och ënnerstëtzen, an dofir och keng Kontroversen an deem Dossier hei wëllen opmaachen, dat ass ganz kloer.

Ech erlabe mer awer trotzdeem, fënnf Remarque mat op de Wee ze ginn, déi mer awer wichteg erschéngen. Déi éischt ass déi heiten. Et geet jo ëm Ressortissants de pays tiers. Dat bedeit an et setzt virus, dass d'europäesch Aussegrenzen trotzdeem während der Kris oder wéinst der Kris weiderhin zou sinn, wat jo fir eng ganz Rei Leit awer trotzdeem e Problem u sech ass. Ech géif gäre froen, ob et bekannt ass, ob während dem État de crise ..., oder wéi vill Déclarations d'arrivée an och Demandes de protection internationale awer trotzdeem während dem État de crise hei zu Lëtzebuerg gemaach goufen, an och nach eng Kéier drun erënneren, dass de Moie jo d'Pressekonferenz war um Flüchtlingsrot, déi och nach eng Kéier eng Rei Saachen opgeworf hunn an awer och eng Kéier vill Luef ausgeschwat hu fir déi Politik, déi elo während där Zäit bedriwwen gouf.

Et ka jo gutt sinn, an dat kann ee sech jo virstellen, dass grad wéinst der Coronakris eng Rei Leit aus Pays tiers hiert Land verlooss hunn, well do eeben de Covid net behandelt oder net gutt behandelt gëtt, an dass et Mënsche gëtt, déi sech gesot hunn: „Zu Lëtzebuerg wär ech do a méi enger gesécherter Situatioun.“ Dat ass meng éischt Bemierkung.

Déi zweet ass déi heiten: Wann et viraussetzt, dass eeben d'Aussegrenzen zou sinn, da betrëfft et awer am Flüchtlingsberäich oder stellt sech am Flüchtlingsberäich déi Fro vun den Dubliner. An do ass meng Fro déi: Leeft dee Prozess weider vun deenen, déi elo iwwert déi Feststellung vun Dublin, déi dovun beträff sinn? Leeft dat weider? Ginn déi Mënschen elo an deenen eenzelne Länner vun Europa erëm verdeelt?

Déi drëtt Bemierkung ass déi heiten: Et geet drëms, dass d'ASTI an deene leschten Deeg nach eng Kéier op d'Situatioun vun de Sanspapiers higewisen huet. Ech weess an ech si mer bewosst, dass mer hei iwwert déi schwätzen, déi aus oder ouni Eegeverschëlden an d'Inegalitéit gerutscht sinn. Hei ginn et Mënschen, déi aus iergendwelleche ganz komplexe Situatiounen gewielt hunn, an enger Situatioun ze sinn, déi mir als eng illegal Situatioun feststellen, also déi keng Openthaltsgeneemegung zu Lëtzebuerg hunn. An d'ASTI huet extra drop higewisen, dass dat oft ganz, ganz komplex Geschichte si mat ganz komplizéierten a komplexe Motivatiounen, déi net do sinn, fir se ze verurteilen, mee déi do si fir se probéieren, se ze verstoen, vläicht well se d'Aarbecht verluer hunn oder aus iergendengem Grond de Flüchtlingsstatus verluer hunn.

Hei meng Fro: Wéi d'ASTI virgeschloen huet, eng Ulafstell vum Staat ze schafe fir déi Leit, déi eeben an där Situatioun sinn, ob d'Regierung sech esou eppes kéint virstellen.

Meng véiert Bemierkung: D'Mënschrechtskommission, an den Här Rapporteur ass schonn drop agaangen, och op de Rapport oder d'Reaktioun, den Avis vun der Mënschrechtskommission, huet nach eng Kéier be-



tount, dass et wichtig ass, och Léisungen ze fanne fir déi Mënschen, déi zu Lëtzebuerg kee Statut hu bezéiungsweis am Moment net hei reguliséiert sinn, déi awer erëm wëllen heemgoen, ob et Léisunge gëtt a wéi déi Léisungen ausgesi fir déi Leit, déi erëm wëllen heemgoen.

An dat Lescht ass, ech wëll nach eng kéier betounen, wéi wichtig dass et eis erschénkt, dass eng Publication claire gemaach gëtt, dass déi Betreffen also kloer an daitlech iwwer hir Rechter an d'Verlängerung vun hire Rechter opgekläert ginn.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun an ech soen lech villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Galles. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (*DP*)**.- Merci, Här President. De leschte Sonndeg war zu Schengen eng kleng Feier, wou dann de 35. Anniversaire vum Traité, Ofkommenes vu Schenge gefeiert ginn ass. Et léisst ee sech natierlech dann dozou hileeden, fir sech e puer Gedanken ze maachen iwwert d'Schengen-Ofkommen. A besonnesch ass dat Ofkommen jo an deene leschte Méint ganz op d'Prouf gestallt ginn.

Et huet ee gemierkt, wéi wichtig datt Grenze sinn. Et huet een awer och gemierkt, wéi séier datt Staate bereet sinn, datt dat, wat se feierlech 1985 op der Marie-Astrid ënnerschrivven hunn, op eemol awer net méi esou eescht soll geholl ginn. Ech hunn dat elo vläicht e bëssen iwwerspëtzt ausgedréckt, mee et ass awer eppes dobäi.

Datt soll eis awer och ze denke ginn, wéi wichtig datt et ass, datt mer esou Ofkommessen hunn an datt déi och musse respektéiert ginn. Mir hunn haut e Gesetz, wat elo punktuell muss ugepasst ginn, wou et eeben, wéi gesot, ëm d'Verlängerung vun Delaie geet. Dat ass eng Selbstverständlechkeet, fanne mer, well besonnesch an der Prozedur vun Demandes d'asile, datt do awer muss elo méi eng Flexibilitéit spillen. Mir wëssen, datt dat an deene leschte Wochen a Méint zu ganz grouse Problemer gefouert huet. An dowéinst ass, vun deem Standpunkt hier gekuckt, dat hei ouni Zweifel ënnerstëtzenswäert.

Deen zweeten Aspekt vun deem Gesetz, dee behandelt jo do, datt u sech Leit aus Pays tiers net méi d'Méiglechkeet hunn, theoretesch an den europäesche Raum anzereise bis spëtstens den 31. Dezember, sauf, wéi gesot, datt elo nach eng Verschlëmmung vun der Situatioun kéim, datt do anescht nach misst reagiert ginn. Wat wichtig ass, ass, datt mer flexibel sinn.

Ech mengen, de Rapporteur, den Yves Cruchten, huet dat hei gutt ënnerbreet. Ech soen em och Merci fir säi mëndlechen a säi schrëftleche Rapport. Mee wéi gesot, Flexibilitéit ass e weesentlechen Aspekt engersäits vis-à-vis vun deene Leit, déi natierlech nach wie vor Ursachen hunn, fir hiert Land ze verloossen, éischter aus ekonomesche Grënn, anerersäits awer och, et dierf een net vergiessen, datt jo och hei elo eng Rei Leit net kënnen zum Beispill op Lëtzebuerg kommen oder an aner Staate vun der Europäescher Unioun, fir ekonomeschen Aktivitéiten nozegoen. Och dat musse mer eis bewosst sinn.

Grad e Land wéi Lëtzebuerg, e klenge Land, mee wat eng oppen Economie huet, wat eeben awer ganz vill Commerce mam Ausland mécht, ass drop ugewisen, datt och reegelméisseg den Echange mat Spezialisten aus dem Ausland ass, déi natierlech elo, bedéngt duerch esou Situatiounen, net d'Recht kréie vläicht, fir op Lëtzebuerg ze kommen. Dowéinst, wéi gesot, ass d'Flexibilitéit awer ganz wichtig. Wann ee mierkt, obwuel een och ganz virsiichteg muss sinn, wann ee mierkt, datt d'Situatioun sech géif awer lues a lues méi entspannen, da muss och déi Bereetschaft do sinn, vläicht et emol u gewësse fix Datume réckelen ze goen.

Et ass awer allerdéngs esou, datt, an ech wëll dat och nach ënnersträichen, wat de Paul Galles hei gesot huet, en huet elo eng Rei pertinent Froe gestallt, datt virun allem d'Informatioun hei muss spillen. An ech denken och do un déi Leit, déi natierlech net déi Moyenen hu wéi mir, déi net esou iwwerinforméiert, muss ee scho bal soen, si wéi mir, well se och déi Moyenen net hunn, déi technesch Moyenen.

An et ass jo och esou, datt zum Beispill deen een oder anere Rendez-vous iwwer E-Mail muss ugefrot ginn. Dat ass fir eis eng Selbstverständlechkeet, eng Normalitéit, mee fir vill aner Leit ass dat net de Fall. Dowéinst ass et och wichtig, datt déi Leit éischstens, wéi gesot, gutt informéiert ginn iwwer hir Moyenen, datt se och elo verlängert Delaie kréien, awer anerersäits och vläicht eng gewëssen Hëllefstellung kréien, wa se sech net esou an deem technischen Dschungel géifen erëmfannen.

Dat gesot, bréngen ech selbstverständlech den Accord vun der Demokratescher Partei an ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Graas. An da wier et un der honorabelen Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (*déi gréng*)**.- Merci, Här President. Jo, et handelt sech heibäi ëm eng Prorogatioun vu verschiddene Mesuren, déi aus dem Krisereglement verlängert ginn. Dat gouf vu menge Virriedner jo schonn extensiv erkläert.

De Rapporteur huet déi eenzel Aspekt vum Gesetz ervirgehuewen. Him e grouse Merci fir säi schrëftleche wéi mëndleche Rapport. Ech schlësse mech och hei de Virriedner un, déi ervirhiewen, wéi wichtig et ass, dass eng Informatiounscampagne gemaach gëtt fir déi concernéiert Leit. D'Mënscherechtskommission huet dat jo och ganz daitlech an hirem Avis gesot. Si musse wëssen, wat hir Rechter an hir Flichte sinn.

A kuerz virum Weltflüchtlingsdag den 20. Juni wollt ech awer och ervirsträichen, dass et weiderhin nach ëmmer kann ..., dass d'Recht, fir Asyl unzufroen, also Protection internationale, nach ëmmer Bestand huet. Dat ass e fundamentaalt Grondrecht, wat och heiderger u sech net verhénnert gëtt. An do ass natierlech och dann déi Fro vum Dublin-Prozess innerhalb vun der EU eng ganz pertinent, déi de Kolleg Paul Galles gestallt huet.

Weiderhin ass et wichtig, datt mer eis Gedanke maachen, wéi eng Léisunge kënnen fonnt gi fir déi Leit, déi zréck an hiert Heemechtsland wëlle reesen, déi dat aus Transitproblemer net kënnen oder well hir Heemechtslänner se net zréckhuelen. An do musse mer Léisunge fir déi betrafte Leit fannen.

An deem Sënn ginn ech heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Den Här Rapporteur Yves Cruchten huet d'Wuert gefrot.

► **M. Yves Cruchten (*LSAP*)**, rapporteur.- Jo, Här President, ech wollt just eng kéier séier, well ech weess, dass den Här Ausseminister de Mëtten net kann hei sinn, fir op eng Partie vun deene Froen ze äntweren, déi gestallt goufen, mee ech erlabe mer dann als President vun der Kommissioun, déi eng oder aner Äntwert ze ginn.

Den Här Galles huet jo gefrot, wéi et wär mat den Demandes de protection internationale. En huet och gefrot, wéi et ass mat den „Transfert Dublin“. Ech wëll just rappeléieren, dass déi Informatiounen, mir maache jo eemol d'Joer an der Kommissioun eng kéier den Tour, wou mer de Point maachen, d'Situatioun iwwert dat lescht ganz Joer. Do huele mer eis dann Zäit, fir dat am Detail ze analyséieren.

Et ass awer esou, dass een déi Informatiounen all Mount, Mount fir Mount opgeschlësselt um Internetsite vum Ministère erëmfënnt. An do hunn ech dat dann elo séier nogekuckt an da kann ech em äntweren, dass an de Méint Abrëll a Mee 10 respektiv 15 Demandes de protection internationale eragereecht goufen an dass keng Transferten eraus a keng Transferten era gemaach goufen am Kader vum Dublin-III-Reglement.

An zu der Fro, déi och elo d'Madamm Bernard nach opgeworf huet, mat der Informatioun, déi muss geleescht ginn, do hate mer och doriwwer rieds an der Kommissioun. Ech hat och probéiert, dat a mengem Bericht ze soen. Mee et ass esou, dass de Ministère sech där Saach bewosst ass an dass de Ministère och ugekënnegt huet, dass se géifen Effortee maachen, wat d'Kommunikatioun vun deenen neie Bestëmmungen ugeet.

Voilà! Dat wollt ech just als Prezisioun ginn. Ech wollt déi Froen net einfach esou am Raum stoe loossen.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools fir déi Prezisiounen. An da geet d'Wuert un den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëlt och ufänke mat dem Merci un den Här Cruchten, deen esou kompetent ass, datt en och d'Regierung haut de Mëtten hei ersetzt.

(*Brouhaha*)

Well mir denke prinzipiell ... Prinzipiell denke mer, datt et schued ass, datt den zoustänneg Ressortminister an enger Fro, déi awer anscheinend fir d'Regierungskoalitioun esou wichtig ass wéi d'Immigratiounsfro, hei de Mëtten net vertrauen ass.

Mir hunn och e puer Bemierkungen, wat dëse Projet ugeet. A meng éischt ass, datt ech verwonnert sinn iwwert d'Positioun, déi d'CSV hei vertrauen huet. Ech hunn dat Gefill, datt d'CSV amgaangen ass, Gambia lénks ze iwwerhuelen an der Immigratiounspolitik. An dat ass schonn eng Konscht. Dat ass schonn eng Konscht, muss ech lech soen. Mee dat, wat hei zum Deel vun der CSV proposéiert ginn ass, ass net am internationale Recht virgesinn. Dat ass innovativ, fir et emol ganz virsiichteg auszedrücken.

Et ass och eng Kontradiktioun per se, datt mer hei eng Situatioun hunn, wou Gambia sech ëmmer opgereegt huet, wann d'Baussegrenze vu Lëtzebuerg duerch d'Nopeschstaate kontrolléiert gi sinn - wat mir jo absolutt kënnen novollzéien, mir hate jo do e Konsensus, datt mer all déi Situatioun net gär haten -, awer net protestéiert gëtt, wann d'Baussegrenze vun der EU kontrolléiert ginn. Well dat Argument, wat ëmmer gesot ginn ass, eng zoue Grenz kann de Virus net ophalen, da gëllt dat jo och fir d'Baussegrenzen.

Also mir hätten do gär eng logesch Kohärenz. A mir stelle just fest, datt et anscheinend Gambia net stéiert, datt d'Baussegrenze vun der EU zou sinn. Wou ass dann do d'Logik? Mee mir sinn domat d'accord, natierlech mussen déi Grenze kontrolléiert ginn.

Déi puer Bemierkungen, déi ech wëll maachen, dat sinn einfach déi heiten. Mir kënnen mat allem d'accord sinn, wat an deemem Gesetz steet. Mir brauche Rechtssécherheet fir déi Leit, wou den Här Cruchten a sengem exzellenten Exposé jo och duergeluecht huet, wat d'Ursachen dofir sinn. Mir brauche Rechtssécherheet an et ass jo och gutt am Interessi vun deene Leit, datt mer déi Dispositiounen hei verlängeren, fir datt do alles méiglech ass, fir datt se hir Situatioun kënnen reguliséieren.

Mee et feelen eis Saachen. Mir denken, mir hu Problemer genuch am Beräich vun der Immigration. A wann een elo higeet an et mécht een e Gesetz an deem Beräich, da kann een dat jo net ausblenden. An dofir soe mer: Mir hunn hei eng verpasste Chance. Mir hätte gär véier Saachen och an deemem Gesetz gehat, wou mer mengen, mir missten endlech legislativ aktiv ginn oder op jidde Fall Saache reguliséieren.

D'Retentioun zum Beispill. Mir haten an dëser Kris Leit, déi einfach aus der Retentioun fräigelosst gi sinn. Natierlech ass d'Retentioun kee Prisong. Mee mir leien an den Delaie wäit ënnert deem, wat d'EU-Recht erlaabt. An d'Regierung hätt kënnen ouni Problem ënner Berufung op Verfassungsartikel 32 (4) Dispositiounen huelen, fir d'Retentioun ze verlängeren am État de crise. Dat ass net gemaach ginn.

Mir froen eis: Wou sinn déi Leit haut? Wou si se? A wéi enger Situatioun si se? Gi se elo erëm zréck an d'Retentioun? Wéi wëllt d'Regierung se fannen? Gi se elo ausgewisen? Wou si mer dru mat deene Leit? Keng Äntwerten, mir wëssen et net.

Et ass schued, datt den Här Asselborn net hei ass. Hien hätt eis et bestëmmt gesot.

Zweete Punkt. Mir hunn eng Diskussioun hei am Land, den Här Galles huet a sengen Ausfëierungen och drop ugespillt, iwwert déi, déi net an enger regulärer Situatioun sinn. Ech ginn net op déi Polemik an, wa gesot gëtt, kee Mënsch wier illegal. Natierlech ass kee Mënsch illegal. Awer hir Presenz um Territoire ass illegal. An do hätte mir gär, datt mer net higinn an einfach an eng Logik vu Regulariséierung vun der Illegalitéit ginn, mee mir hätte gär, datt mer d'Leit incitéieren, déi zu Lëtzebuerg sinn, dat conformement zu eise Gesetz ze maachen. Da komme se och net an eng Situatioun vu Prekaritéit. Da si se jo an enger sozialer Ofsécherung. Dat ass dat, wat mir gär hätten.

Mir hätte gär, datt déi Leit, déi hei um Territoire sinn, sech un eis Gesetz halen an an enger regulärer legaler Situatioun sinn. Mir wëllen net elo higoen an eng Logik, fir einfach ze soen: „Ma da reguliséiere mer.“ Well da kommen déi nächst, déi sech an déi Situatioun beginn, déi nächst Prekaritéit. Dat ass einfach e falschen Usaz. Mir hu Gesetz. Eis Gesetz gëlle fir jiddereen.

Mir hätte gär eng Kontroll a mir wëllen einfach eng Rechtsstaatlechkeet an deem Sënn och verstane wëssen, datt jiddereen, deen hei um Lëtzebuerg Territoire ass, sech un déi Gesetzgeber gebonne fillt, well dat ass esou, wéi e Rechtsstaat fonctionéiert.

Drëtter Punkt. Mir hunn e grouse Problem hei am Land mat Drogemafiaen, op der Gare, op anere Plazen am Land, mir wëssen dat alleguer. E groussen Deel vun deene Leit sinn aus Schwaarzafrica, si kommen an d'Europäesch Unioun mat Pabeiere vu Länner, an deene si eeben den Territoire vun der Europäescher Unioun als Éischt beréiert hunn, Spuenien, Italien an anerer. Déi Pabeiere sinn dacks

schlecht ausgefëllt, deelweis ausgefëllt, se feelen oder et si keng Datumen drop, et si Lacunen. Mir hätte gär, datt och den Ausseminister, deen zoustänneg ass fir dëse Beräich vun der Immigratioun, vun Asyl, der Police an dem Policeminister, an deemem Fall dem Här Bausch, hëlleft, fir déi Situatiounen ze verhénnern, wou Leit mat falsche Pabeiere kënnen hei um Territoire sinn, fir hei illegal Geschäfte ze maachen zulaaschte vun der Gesondheet vun eiser Populatioun.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Kartheiser (*ADR*)**.- Do geschitt näischt! Dat ass net akzeptabel. Wa mer hei schwätze vun Immigratiounsgesetz, da musse mer kucken, datt e Mëssbrauch vun eiser Largesse an deem Beräich zu kriminellen Zwecker zulaaschte vun der Gesondheet, dacks och vu jonke Leit, absolutt verhénnert gëtt.

Véierter Punkt. Vill Leit am Land reege sech op, besonnesch hei an der Stad, datt mer eng Mendicitéit hu mat organiséierten Heeschebanden. Dat ass eng Form vu Mënschenhandel. Et ass eng Form vu Mëssuechtung vun der Dignitéit vum Mënsch. Et ass esou villes. A mir wëssen, déi kommen iwwert d'Grenz moies, a mir kucken dat no. Mee dat europäescht Recht iwwert d'Beweegungsfräiheet an der Europäescher Unioun ass net geduecht fir ze erlaben, Mënschen auszebeuten, doduerch datt mer organiséiert Heeschenaktivitéiten an engem Nopeschland toleréieren.

Mir soen, dat ass e Mëssbrauch vun der Beweegungsfräiheet. Dat kënnt fir eis net a Fro! Mir wëllen dat net! A wa mer wëlle géint déi organiséiert Mendicitéit hei virgoen op eng effikass Manéier, ma da kënnen mer den Usazpunkt huele fir ze soen: „Ma dat ass e Mëssbrauch vun der Beweegungsfräiheet, déi kënnen net zu deem Zweck iwwer eis Grenze kommen, fir Leit auszebeuten, déi deeglaang dosëtzen, zum Deel fréier mat Kanner, mat Déieren an esou weider an esou virun, déi keng Perspektiven am Liewe kënnen entwëckelen, näischt aneres wéi dozesëtzen, fir ausgebeut ze gi vu Leit, déi vun deenen Aktivitéite profitéieren!“ Et geet dach net duer, datt mer eis hei doriwwer opreegen, datt mer Matleed weisen. Mir mussen et ënnerbannen! An dat heiten, d'Beweegungsfräiheet, d'Legislatioun am Beräich vun der Immigratioun gëtt eis en Hiewel. Mir sollen och dee benotzen.

(*Interruption par la présidence*)

Et sinn also Saachen, déi eis feelen. Ech halen op mat enger leschter Bemierkung, Här President.

De Règlement grand-ducal, deen eis hei presentéiert ginn ass, dee gesäit och eng Dispositioun vir, wéi eng Leit nach kënnen op Lëtzebuerg kommen. Dat ass de Punkt k). An an deem Punkt k) steet selbstverständlech: Leit, déi wëllen heihinnerkommen, fir d'Protection internationale ze kréien „ou pour d'autres raisons humanitaires“, kënnen kommen. Dat ass am Usaz richtig. Mir wëllen awer och drop opmierksam maachen, datt mer och hei eng international an eng europäesch Rechtsreegelung hunn, an déi seet: „Wien aus engem sécheren Drëttsstaat kënnt, kann hei keng Demande op Asyl maache mat Aussicht op Erfolleg.“ An och dat ass Recht an och dat wëlle mir respektéiert wëssen.

Alles dat feelt eis an deemem Gesetz. Dofir wäerte mir eis enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Kartheiser. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Ech hat e klengen Intermezzo virdru mat der ADR, Här President. D'Funktoun vu rietse Parteien, déi ass ganz kloer, déi kenne mer. D'Funktoun vu riets Parteie besteet doranner, Schwaacher géint Schwaacher ausze spillen, fir déi ganz Räich kënnen ze protegéieren.

Dat ass ganz kloer. Mir soen ëmmer: „Wann s de kee Klassekampf hues, da kriss de e Rassekampf!“ An dat ass dat Allerschlämmst. Dat ass an der Geschicht beluecht. Dat ass ganz oft geschitt. An et ass dat, wat d'ADR mat enger rarer Systematik mécht.

Den Zusammenhang och hierstellen tëschent Leit, déi aus dem sougenannte Schwaarzafrica kommen - ech kennen der och ganz vill, dat si ganz fei Leit, dat ass en Term, deen ech net esou géif benotzen -, deen Zusammenhang hierzestelle mat der Kriminalitéit, dat dréit en Numm, dat ass Rassismus. Dat muss een awer och eng kéier ganz kloer soen.



► **Une voix.**- Très bien!

(*Interruption*)

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- ... och, Här Wagner, dat weess all Mënsch!

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Jo, mee dat ass ... Wësst Der, ech ka mech moies an de Spigel kucken.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ech och.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Jo, mir hunn net déi selwecht Wäerter. An d'ailleurs, dat wonnert mech och net, datt den Här Galles, deen huet d'LSAP, kann ee soen, vläicht lénks iwwerholl, den Här Galles, wann hie sech fir déi Leit engagéiert, dat ass justement, well hie weess, wat Chrëschtentum ass. Dat ass och e Glawen an de Mënsch. Dat ass keng folkloristesche Veranstaltung, wéi déi Riets dat ëmmer esou mengen. Dat ass och dat, wat Der net esou richtig verstitt.

Ech sinn och frou justement, datt den Här Galles déi Fro ugeschwat huet, well mir wäerten dee Projet de loi selbstverständlech matdroen. Mee virun e puer Deeg hunn de Marc Baum an ech selwer eng Question parlementaire gestallt un den Här Asselborn an un d'Madamm Cahen, déi natierlech net hei sinn, fir justement d'Fro opzeweier vum de Leit, déi an enger irregulärer Situatioun hei zu Lëtzebuerg sinn an déi am totalen Denuement sinn.

Et ass geschwat ginn, also do sinn Artikele komm och iwwert d'ASTI, déi sech ëm déi Leit zesumme mat der Œuvre Grande-Duchesse Charlotte musse bekëmmere, well leider de Familljeministère net vill mécht. An Dir hutt Leit, déi natierlech am Normalfall schwaarze schaffen, vläicht am Horeca, als Botzfraen an esou weider, an déi elo guer, guer näischt méi hunn. Dat ass eng katastrophal Situatioun fir Honnerten, wann net Dausende vu Leit, haaptsächlech aus Brasilien, Kamerun, Cap-Vert an esou weider.

Déi Leit si scho laang hei. Déi Leit wäerten och hei bleiwen, zemoos wann ee bedenkt: D'Brasilianer, also déi ginn ... Wann ee weess, wien un der Muecht elo ass: E rietsextreeme Psychopath, wou ee wierklech dovunner kann ausgoen, datt déi a Brasilien - ech weess, vu wat ech schwätzen, et betrëfft mech an der Famill jo och e bëssen -, déi ginn dëst Joer net méi zrëck, vläicht d'nächst Joer och net méi zrëck. Dat ass wierklech eng katastrophal Situatioun. Et ass natierlech net nëmme Brasilien, mee et si vill Länner, do hutt Der wierklech immens vill Leit, déi sinn elo am totalen Denuement.

Dat bedeit och ... Zemoos fir Fraen, ech brauch lech kee Bild ze molen, wat dat fir Frae ka bedeiten, wa se emol net méi schwaarzschaffe kënnen, zum Beispill als Botzfra oder am Horeca, wat se alles vläicht musse maachen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Ech brauch lech kee Bild ze molen! Dat ass näischt Schéines. Ech mengen, mir mussen elo aver, an dat ass d'Fro, déi mer gestallt hunn: Engersäits, wat géif d'Regierung elo maachen, fir deene Leit direkt ze hëllefen, wuel wëssend datt déi Leit och Ängscht hunn, well se net gepëtzt wëlle ginn? An anerersäits menge mer, datt een eppes misst maachen, wat och scho gemaach ginn ass, souguer vum Här Frieden, dat ass, datt een eng Regulariséierung mécht iergendeng Kéier.

Well maacht lech keng Illusion, déi Leit bleiwen hei! Déi Leit wäerten heibleiwen. Si schaffen och hei. Ech hu léiwer, si schaffe regulär wéi irregulär. Et ass besser fir jiddereen: fir eis Gesellschaft, fir de Staat souguer an och fir déi Leit a fir d'Gesondheet. An dann, wa mer wierklech net wëllen, datt gewësse Leit, déi an där Irregularitéit sinn op Joren an op Joren, sech mussen duerchschoen, wa mer wierklech net wëllen, datt se Saache maachen, déi net onbedéngt konform mat der Legalitéit sinn, da muss ee vläicht dee Schrëtt elo eng Kéier huelen. Wann den Här Frieden dat deemools konnt, da misst déi heite Regierung dat och kënnen.

Ech weess, datt déi zoustänneg Ministeren elo net do sinn. Mir hunn déi Fro gestallt. Ech wär awer frou, mir wäre wierklech frou a vill Leit wiere frou, wann d'Regierung dee couragéierte Schrëtt géif maachen. Humanismus, dat ass awer och eppes Konkreetes, grad an enger Krisenzäit musse mer dee Schrëtt maachen. Dann hu mer wierklech Existenz gerett, litteralement.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner. Leschten ageschriwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hat elo e bëssen d'Gefill, am falsche Film ze sinn, well mer iwwer e Gesetzesprojet à l'appui schwätzen an eng fundamental Diskussioun ënner anerem iwwer Rassismus an iwwert d'Recht vu Leit, do ze liewen, wou se wëlle liewen, féieren.

Ech erënnere mech dorunner, datt mer och hei am héijen Haus scho vu Politiker, och vun der Regierung den Term zum Beispill „nigerianesch Mafia“ an enger Kommissioun ze héiere kruten, iwwregens en Term, géint dee mir eis als Piraten vehement gewiert hu mat engem Bréif och un de Chamberspräsident, datt een net esou rassistesch Termen, déi eppes reng op eng Nationalitéit oder reng op eng Hautfaarf limitéieren, soll benotzen. Well hautdesdaags geet et net méi duer, kee Rassist ze sinn. Hautdesdaags muss een Antirassist sinn!

(*Interruptions*)

Dat als Éischt emol gesot. Här President, ech hunn d'Wuert, wannechgelift.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Genau! Den Här Clement huet d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Merci, Här President.

(*Interruption par M. Fernand Kartheiser*)

Am Kader vun der Coronakris ...

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Wannechgelift, Här Kartheiser, den Här Clement huet d'Wuert, hunn ech just gesot.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Dierf ech wannechgelift eng Fro stellen?

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Dat kënn Der dann duerno maachen.

Sout, Här Clement, elo ass déi néideg Rou erëm do. Dir kënn elo weiderfuere.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Am Kader vun der Coronakris war et fir d'Europäesch Unioun immens wichteg, eng kohärent Politik vun hire Baussegrenzen ze verfolge. Dorop huet d'Kommissioun och méifach higewisen. Dës Kohärenz war innerhalb vun Europa net ëmmer wierklech do. Verschidde konservativ Politiker hu gemengt, et kéint een de Virus u Landesgrenze stoppe respektiv se misste bei hire Wieler den Haarde markéieren an d'Grenzen zoumaachen, fir no banne Stärkt ze weisen. Dat ass iergendwéi eppes, wat heiansdo esou e Gest ass fir ze weisen: „Ech sinn dee Staarken, dofir maachen ech d'Grenzen zoul!“ A wie bestrofe se domadder? Ma genau déi, wou se argumentéieren, se wëlte se schützen.

Also ech ginn dem David Wagner do schonn e bësse Recht, datt et e bëssen Hypokrisie ass ze mengen, andeem ee grad déi Schwächste géint aner Schwaacher ausspillt, datt een doduerjer op eemol en Haarde wär. Dat ass nämlech bei Wäitem net esou. An ech mengen, datt dat éischter en Aarmutszeugnis fir déi Politiker ass, déi gemengt hunn, e Virus, deen iwwert d'Loft iwwerdroe géif ginn, géif op enger Grenz, déi op Pabeier definéiert ass, Halt maachen. E Virus ass net esou intelligent, datt en iergendeen Traité vun anno Tubak liese kann a weess, wou eng Grenz ass. E Virus ass esou domm, datt en tatsächlech déi Grenzen einfach ignoréiert.

A wie mengt, mat Grenzenzoumaache géif e Virus sech stoppe loosse, deen huet, mengen ech, an der Bio net opgepasst.

Här President, mam Règlement grand-ducal vum 18. März 2020, dee verschidde Mesuren am Kader vun der Lutte géint de Covid-19 virgesinn huet, ech mengen, mir kennen en all, goufen och hei Dispositiounen betreffend Immigratioun aus Net-EU-Staaten agefouert.

De Projet de loi, iwwert dee mer grad schwätzen, gesäit vir, verschiddener vun dese Mesuren, notament déi, déi am Artikel 13 a 14 vun deem Règlement grand-ducal virgesi waren, ze verlängere.

Mir erlabe mat deemem Projet zum Beispill enger Persoun, déi den 1. Januar zu Lëtzebuerg ukomm ass, hiren Delai fir d'Demande vum Titre de séjour ëm e puer Méint ze verlängere. Déi Titres de séjour, déi ofgelaf sinn, ginn iwwergangsweis verlängert. Bref, all déi Mesuren, déi vun all deene Virriedner schonn explizitt duergestallt gi sinn.

Ech mengen, datt een, wann een iwwert déi Mesur schwätzt, wierklech sollt sech drun erënnere, datt zoue Grenzen Lëtzebuerg schiedge kënnen.

Mir hunn et gesinn a mir sollten eis dat och an Zukunft an d'Bewosstsi ruffen. Wat awer de Projet sous avis hei ugeet, wollt ech nach drop hieweisen, datt d'Commission consultative des droits de l'homme an hirem Avis richtig bemierkt huet, datt een d'concernéiert Persoun muss transparent an adequat iwwert d'Modifikatioun am Gesetz informéieren, a well grad bei där Populatioun, déi mer hei viséieren, net onbedéngt Kenntnis vun eisen Amtssprooch

ginn ass, muss dat eventuell och a Sprooch stattfannen an op Moyene stattfannen, déi net jiddwerengem geleeft sinn.

Dat gesot, stëmme mir dese Projet de loi mat, fir eng Sécurité juridique ze schafen a well et eebe wichteg ass, datt Lëtzebuerg och weiderhin eng Terre d'accueil ass an net eng Terre, wou ee Leit, well se eng aner Hautfaarf hunn oder eng aner Nationalitéit hunn, direkt als Mafiosi verneent.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. Här Kartheiser, elo däreft Der dem Här Clement eng Fro stellen.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Ma da soen ech lech Merci, Här President, an och dem Här Clement, well en d'Fro entgéinhielt. Ech wollt kuerz op de Begrëff vun der nigerianescher Drogemafia agoen, dee, wéi gesot, net vun eis ass, dee mer an de Kommissiounen och vun zoustännege Ministeren héieren hunn, einfach de facto eng Tatsaach, eeben am Abléck. Dat do ass jo am Laf vun der Geschicht och vun anere gemaach ginn. Am Abléck hu mer e Problem eebe mat enger nigerianescher Drogemafia.

Ech wollt den Här Clement froen, wou do dat rassistescht Element ass. Wësst Der, Nationalitéit ass eng rechtlech Kategorie. De Staat Nigeria verdeelt d'Nationalitéit u Leit, dat huet also näischt mat hirer biologescher Konditioun ze dinn. Den Alter, d'Geschlecht an esou weider si biologesch Kritären.

D'Nationalitéit ass eng rechtlech Kategorie, déi vun engem Staat, an deemem Fall dem Staat Nigeria, u Bierger verdeelt gëtt no Kritären, déi an hirem Rechtssystem festgeluecht ginn. Dofir wollt ech eebe froen, wann de Staat Nigeria Nationalitéiten no gewësse Kritäre verdeelt, wou do dat rassistescht Element derbäi ass, wa mir dat feststellen, wéi de Staat Nigeria einfach eng Rechtskategorie handhaabt.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement** (*Piraten*).- Ech soen dem Här Kartheiser u sech villmools Merci fir déi Fro, well et weist wierklech, wéi eng Iwwerzeegungen do derhannert spillen.

Éischtens emol ass net erweisen, datt jiddwereen, dee mat deem Term „nigerianesch Mafia“ zitëiert oder soll, jo, duergestallt ginn, wierklech d'Nationalitéit vum Staat Nigeria huet. Ech mengen, datt mer Krimineller, a virun allem Drogekrimineller, aus enger ganzer Hellewull vu Länner hunn, vun ënnerschiddlechster Hautfaarf an ënnerschiddlechster Nationalitéit. Deementspreechend ze mengen, datt ee seet „nigerianesch Mafia“ an domadder hätt een dann och nëmme Nigerianer getraff, dat ass awer e bësse kuerz gesinn.

Nee, et gëtt hei mat Symboler gespilt. Et gëtt domadder gespilt, datt déi meescht Leit, ech géif soen, déi grouss Majoritéit vun de Leit, déi d'nigerianesch Nationalitéit hunn, eng aner Hautfaarf hu wéi den Duerchschnittslëtzeburger. A genau mat deene Prejugé gëtt gespilt, wann ee seet „nigerianesch Drogemafia“. Well soss géif et duergoen, ze soen „Drogemafia“ an net „nigerianesch Drogemafia“. Do gëtt scho mat Prejugé gespilt. Dat ass dat Éischt.

An dat Zweet ass: Wie wierklech mengt, wie wierklech mengt, datt d'Nationalitéit direkt emol exclu wär vu Rassismus, dee vergësst, datt bei deene meeschte Staaten d'Nationalitéit duerch d'Gebuert an deem Staat oder vun Elteren an deem Staat kënn an datt dat net e fräie Choix vun deem jeeweilege Bierger ass.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen** (*ADR*).- Schwätzt eis och nach e bësse vun der italieenescher Mafia!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Gutt, Här Clement.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot als Verrieder vum Här Asselborn. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Franz Fayot**, *Ministre de l'Économie, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile*.- Merci, Här President. Ech géif fir d'Éischt gären de Jean Asselborn excuséieren, deen haut effektiv net konnt hei si fir dese Projet.

Ech géif gären dem Rapporteur Yves Cruchten Merci soen. Wéi hie gutt erkläert huet, ass dese Projet de loi en fait just do, fir verschidde Mesuren am Beräich vun der Immigratioun an de Baussegrenzen, déi während dem État de crise

gehofft houfen, fir e puer Méint ze verlängere. Dës Mesurë betreffe souwuel d'Legalitéit vum Openthalt vun eise Matbierger aus Drëttstaate wéi déi temporaire Verlängerung vun dem sougenannten „entry ban“ op eiser Baussegrenz, deen EU- a Schenge-wäit am Ufank vun der Kris en place gesat ginn ass.

Et handelt sech hei also wierklech ëm eng Eentzu-eent-Emsetzung vun den europäeschen Decisiounen, déi ganz enk zesummenhänke mat der Covid-19-Kris, an net ëm eng grondleënd Debatt ronderëm eis Immigratiounspolitik.

Trotzdem géif ech der Chamber gäre Merci soe fir dee gudden Debat. Ech huelen och all déi Ureegungen, déi gemaach goufe vun deene verschiddene Riedner, natierlech mat a wäert dat dann och mam Ausseminister diskutéieren.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Fayot. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7585. Den Text steet am Document parlementaire 7585⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7585 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmme. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Mir kommen elo zum Vote par procuration.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass de Vott ofgeschloss. De Projet de loi 7585 ass mat 56 Jo-Stëmme bei 4 Abstentiounen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Michel Wolter), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7559 - Projet de loi visant à mettre en place un régime d'aides en faveur des projets liés à la lutte contre la pandémie du Covid-19

Als nächst kënn de Projet de loi 7559, eng Aféierung vu Bähëllefen zugongschte vu Projeten, déi d'Covid-19-Pandemie bekämpfen. An ech ginn direkt d'Wuert un de Rapporteur vun deemem Projet de loi, den honorablen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

► **M. Claude Haagen** (*LSAP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Mat dem Projet de loi 7559 wäerte mir d'Dispositiounen unhuelen, fir deenen Entreprises hei am Land eng finanziell Hëllef zoukommen ze loosse, déi ee Projet d'investissement oder ee Projet de recherche et de développement ugin, fir géint d'Covid-19-Pandemie ze kämpfen.

Den Text vum Projet de loi ass esou ausgeluecht, datt et méiglechst weëneg Prerequisite ginn. D'Entreprise muss kënnen eng Autorisation d'établissement virweisen a se däreft net a grave finanzielle Schwierigkeete gestanen hu virum 1. Januar vun deemem Joer.

D'Pandemie ass fir all Land op deser Welt eng Iwwerraschung am negative Sënn gewiescht,